PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

D'Zirkulär CSSF 22/812 huet d'Ausnamereegelunge fir limitéiert Netzwierker präziséiert an d'Bedéngunge fir d'Notifikatioun un d'CSSF festgeluecht. Am Kontext vun der Digitaliséierung vun de "chèques repas" duerch d'Règlement grand-ducal vum 25. September 2023 ergëtt sech eng wichteg Fro iwwert d'Surveillance vun dësen Aktivitéiten. Dëst ass besonnesch relevant well d'Gesellschaften, déi "chèques repas" ausgin, als "émetteur" definéiert sinn an hir Aktivitéit am Ausgi vun elektroneschem Geld besteet.

D'Ausgi vu Prepaid-Kaarte mat VISA oder Mastercard-Lizenz, déi mat engem monetäre Wäert opgeluede ginn, entsprécht der Definitioun vun elektroneschem Geld am Artikel 1, Punkt 29 vum Gesetz vum 10. November 2009. Mat engem Ëmsaz vu méi wéi 30 Milliounen Euro un ausstehende "chèques repas" fir d'Joer 2023 an engem duerchschnëttleche Montant vu bal 200 Euro pro Mount a pro Mataarbechter, iwwerschreiden si däitlech de Montant vun 1 Millioun Euro, deen eng Notifikatioun un d'CSSF erfuerdert. Dëst werft d'Fro op, ob dës Aktivitéit net ënnert d'Surveillance vun der CSSF als Etablissement de Monnaie Electronique sollt/misst falen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Ënnerleien d'Gesellschaften, déi "chèques repas" ausginn, der Surveillance vun der CSSF a wann net, ënnert wéi enger Ausnam vum Gesetz vum 10. November 2009 falen si?

2. Fale solch Gesellschaften ënnert d'Definitioun vum Kapitel 2 vum 2. Titel vum Gesetz als "établissements de monnaie électronique"? Falls jo, mussen si dann och een Agrement (Artikel 24-2 vum Gesetz) hunn? Falls nee, firwat net?

3. Wéi vill vun dëse Gesellschafte sinn der CSSF gemäss Artikel 3-1 vum Gesetz vum 10. November 2009 gemellt a wéi eng Gesellschafte sinn dat?

4. Wéi eng Kontrollmechanisme bestinn, fir sécherzestellen, datt d'Benotzer vun dësen elektronesche Bezuelungsmëttel geschützt sinn, besonnesch am Fall vu Faillitte vun de Gesellschaften, mee och an anere Fäll vun Onreegelméissegkeeten?

5. Gedenkt d'Regierung dëse Secteur méi streng ze reguléieren, besonnesch am Hibléck op d'Gréisstenuerdnung vun den Zommen déi am Ëmlaf sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten